

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24. Januar 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro (Art. 84 vum Chambersreglement) un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

D'Impfung mat AstraZeneca ass ëmstridden, an de Stoff däerf an Däitschland zum Beispill just bei Leit ënner 65 Joer agesat ginn. Am Ament sinn an Däitschland ronn 680.000 Dose gelagert, déi net gebraucht ginn. D'Schwäiz wëll hir Dosen AstraZeneca, déi nach net geliwwert sinn an och nach net d'Autorisatioun vun der zoustänneger Autoritéit Swissmedic hunn, anscheinend weider verkafen, mellen d'Zeitungen „Le Temps“ an „NZZ am Sonntag“.

Dowéinst wéilt ech der Madamm Minister dës dréngend Froe stellen:

1. Ass d'Regierung intresséiert, an Däitschland an der Schwäiz eventuell AstraZeneca-Impfstoff ze kafen, deen do net benotzt gëtt?
2. Kéint d'Lëtzebuerger Impfcampagne duerch de Kaf vun AstraZeneca-Impfstoff an Däitschland oder der Schwäiz méi séier méi Leit erreechen?
3. Ass d'Regierung weider der Meenung, datt den AstraZeneca-Impfstoff onbedenklech an effikass ass, obwuel en an anere Länner net ganz gutt akzeptéiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen  
Deputéierten